
EUROPAWAHLEN 2019

# CSV-Wahlprogramm ouni klore Profil

29. Mee 2019 - 09:28

**Bei den Europawahlen zu Lëtzebuerg ginn et eng Rei Explikatiounen, wéi et zu de Wahlresultater koum a firwat et zu grousse Verloschter bei der CSV an zum Succès vun déi gréng a vun der DP koum. D'Wahlresultat hänkt vu verschiddene Facteuren of. Eng Analys.**

*Carole Schimmer / cbi*



déi gréng hunn net nëmmen zu Lëtzebuerg eng Wahlvictoire ze verzeechnen, mee och an den Nopeschlänner hunn déi gréng zougeluecht. Dat huet domat ze dinn, datt an de leschte Méint d'Klimapolitik staark an den Debatten thematiséiert gouf.

Am Allgemenge kéint ee soen, datt souwuel bei der LSAP wéi och bei der CSV d'Spëtzekandidaten net optimal waren am Verglach mat enger DP, déi eng clever Kandidatelëscht presentéiert hätt, seet d'Anna-Lena Högenauer vun der Uni Lëtzebuerg. De Charles Goerens wier en erfuerenen

Europapolitiker an hätt däitlech méi Stëmme kritt, wéi all déi aner Kandidaten. Hien hätt 97.000 Stëmme kritt an den Zweetgewielten hätt 35.000 Stëmme manner kritt.

## Déi Jonk mobiliséieren

Kuckt een d'Wahlresultater, da mierkt een iwwerdeems, datt virun allem an de méi grousse Stied, wéi an der Haaptstad oder zu Esch an Déifferdeng, déi gréng u Stëmme gewonnen hunn. Et wier kloer, datt d'Politiker an der Stad net am direkte Kontakt mat den Awunner stinn, deemno géif - anescht wéi an de klenge Gemengen - de Wunnsëtz vum Kandidat keng esou grouss Roll spillen. Et misst een als Kandidat a grousse Stied dowéinst gutt vernetzt sinn, a lokale Veräiner aktiv sinn.

Zur Situatioun an der Stad Lëtzebuerg, wou d'CSV 20 Prozentpunkte verléiert, dierft een net vergiessen, datt de Premier Xavier Bettel hei ganz beléift ass, seet d'Anna-Lena Högener. Datt d'CSV a gréisserer Gemenge verléiert hätt och domat ze dinn, datt d'Awunner do méi jonk sinn an och d'Unzuel vu Leit mat engem Migratiounshannergrond wier hei méi héich. Hei wiere Parteien, déi méi oppen oder als méi liberal wouergeholl ginn, éischter gewielt ginn.

## CSV: Et feelt e klore Profil

An Däitschland hätt ee gemierkt, datt déi traditionell Volleksparteie wéi d'CDU an d'SPD Schwieregkeeten hate fir jonk Wieler unzezéien. D'CSV Kandidate fir d'Europawahlen zu Lëtzebuerg wiere jonk, mee et hätt ee Schwieregkeete gehat fir jonk Leit ze mobiliséieren. Dat wier och scho bei de Chamberwahlen 2018 de Fall gewiescht.

Zur Wahlcampagne bemierkt d'Anna-Lena Högenauer, datt d'CSV um Internet op hirer Websäit kee klore Wahlprogramm virgestallt huet. Dat wier e laangen Text mat ville Prioritéite gewiescht, mee wat fir d'CSV wierklech wichteg ass, wier net kloer ginn. "Was sind die fünf Kernbotschaften, die wichtigsten Themen, für die sich die Partei wirklich einsetzen möchte? Das fehlt ein bischen. [...] Zu viele Prioritäten sind auch ein Profilverlust.", sou d'Analys vun der Anna-Lena Högenauer.

## LSAP hätt sech wuel e bessere Score erwaart

A wann d'LSAP bei den Europawahlen ëm 0,44 Prozentpunkten u Stëmme gewonnen huet, sou hat se manner ze verléieren am Verglach mat der CSV, déi 2014 d'Wahle kloer gewonnen hat. Si hätt deemno vill méi Potential gehat fir kënnen ofzestierzen. "Man hätte jetzt nicht gleich um 16,5 Prozentpunkte abstürzen müssen. Es war aber sehr wahrscheinlich, dass die CSV diesen dritten Sitz verliert."

D'LSAP hätt et méi liicht gehat fir dobäi ze gewannen, well hire Point de départ méi schlecht war. 2014 hätten d'Sozialisten am Verglach mat 2009 scho Stëmme verluer. Fir d'LSAP wier et dofir d'Aufgab gewiescht, fir dat schlecht Resultat ze konsolidéieren an ze verbesseren. E Plus vu knapp engem hallwe Prozentpunkt wier fir d'LSAP also "eigentlech net esou gutt", fënnt d'Anna-Lena Högenauer. "Das war ein bisschen mager und ich bin mir sicher, die LSAP hätte sich da mehr Zugewinn erhofft."

Wéi d'Parteie mat der Erneierung vun hire Kandidaten ëmginn, wier och determinant gewiescht. Bei der CSV wier et ze vill radikal gewiescht, d'DP huet eng Transitioun virbereet. D'Monica Semedo ass zwar bei de Chamberwahlen net gewielt ginn, am zweeten Ulaf hätt et awer geklappt.

## An der Mediathéik:

Aktuelles / 29. Mee 2019 - 07:23 / Carole Schimmer

Lauschteren

## Méi zum Thema

EUROPAWAHLEN 2019

### "Et gëtt héich Zäit, datt d'Partei ufänkt ze liewen"

28. Mee 2019 - 15:20

Den Erneierungsprozess bei der CSV wäert nach e puer Joer an Usproch huelen, seet den CSV-Parteipresident. Hie freet d'Partei fir sech un dem Prozess ze bedeelegen. Et soll keen Exercice vun uewen erof ginn, sou de Frank Engel.

EUROPAWAHLEN 2019

### CSV verléiert massiv u Stëmmen

28. Mee 2019 - 11:00

D'CSV huet bei den Europawahlen a verschidde Gemenge bis zu 20 Prozentpunkten u Stëmme verluer. Landeswäit verléieren déi Chrëschtsozial 16 Prozentpunkten. D'Carole Schimmer sicht no Explikatiounen.

LËTZEBUERGESCH RESULTATER

## DP grousse Gewënner, CSV grousse Verléierer

26. Mee 2019 - 23:22

D'DP ass de grousse Gewënner vun der Europawahl zu Lëtzebuerg. Déi Liberal gewannen en zweete Sëtz, kommen op 21,44 Prozent vun de Stëmmen a sinn domat déi stäerkste Kraaft. D'CSV verléiert méi wéi 16 Prozent a kënnt just nach op 21,1 Prozent.


## Programm

**06:00 - 09:00**

Virum Dag

On air

**09:00 - 12:00** **Moies-Magazin**

**12:00 - 14:00**

Iwwer Mëtteg

**14:00 - 15:00**


Resonanzen

**15:00 - 17:00**

Spektrum


HIGHLIGHTS
VUM
JUNI/JULI
radio 100,7
25 joer
DOWNLOAD


HIGHLIGHTS
VUM
MEE
radio 100,7
25 joer
DOWNLOAD




## Dossieren

### Europawahlen 2019

Vum 23. bis de 26. Mee gëtt an der EU en neit Europaparlament gewielt. Zu Lëtzebuerg gëtt Sonndes, de 26. Mee gewielt. De radio 100,7 bericht iwwer d'Kandidaten an d'Enjeue vun dëse Wahlen.

### Festival de Cannes 2019

Alleguer d'Artikele vum Festival de Cannes 2019.

## Communiquéen

### Un nouveau directeur pour la radio 100,7

Lors de sa réunion du mardi 26 mars 2019, le Conseil d'administration de l'Établissement de Radiodiffusion Socioculturelle a nommé Marc Gerges comme nouveau directeur de la radio 100,7.

## radio 100,7 revue par ses pairs

A la demande de la radio 100,7, l'Union Européenne de Radio-Télévision a procédé à une "revue par les pairs" des opérations de la radio 100,7.

## Iwwert eis

De radio 100,7 ass deen eenzegen ëffentlech-rechtleche Radio zu Lëtzebuerg. E proposéiert Programmer op Lëtzebuergesch mat engem Fokus op Informatioun, Kultur, Divertissement a mat Akzent op d'klassesch Musek.

Weider liesen

Follow us /

© 2015 - radio 100,7 | Illustratioune vu PRETTY FOREST